

Fändelen a FREEDEFEIER

vum Lex Roth

Nodeem d'Regierung sech intelligenterweis hannert d'Spezialiste-Meenung vun eiser «Heraldik (Wope)-Commissioun» gestallt hat, huet dat sech verstänneg berouegt, wat mir hei an anerwäerts 'Fändlerei' genannt hunn.

Et ass jo ëm de 'Roude Léiw' gaang, oder déi 'einfach' rout-wäiss-(hell-)blo Tricolore. Déi 2 Varianten hunn e geschichtleche Fong, woubäi dee vum Roude Léiw op de Sträife ganz klor méi al ass, well mir e schonn op Wopen an Illustratiounen aus dem spéide Mëttelalter, op d'mannst aus der 'Renaissance' begéinen... ower: de Léiw ass d'Zeeche vum adelege 'Stammhaus Lëtzebuerg', vun den 'Herrscher', mä net onbedéngt vun der NATION!




(PHOTO: TEDDY JAANS)

Déi rout-wäiss-blo Sträife sinn d'Symbol vum Land, vum souveräne Staat, vum Grand-Duché Lëtzebuerg! Et gëtt ee jo bal als 'Nationalist' ausgegrängt, wann ee seet, dësen Tricolore-Fändel wir d'Symbol vun eiser Natioun, déi jo – ëm verschidden 'Ecken' – eréischt fréistens 1815 entstan ass. Den italiéinesche Fändel, den däitschen, de belschen an e sëllegen anerer sinn esouguer méi jonk ewéi eisen. De Fransousen hir 'tricolore' ass e Resultat vun der Revolutioun, mat deer hir dynastesch 'fleur de lys' verschwonn ass, wann och net direkt definitiv, well déi Zermeschteerei huet jo gedauert bis nom Napoléon III (1870).

Eppes ganz Neies huet eis Regierung mat hirer Fändels-Decision net gemaach. Si huet just fixéiert, datt **déi 2 Fändelen niertenee 'gëllen'**... am Prinzip guff et dat ower ewell am Gesetz iwwer d'national Symbolen, dat 1993 de Roude Léiw fir d'Armée, d'Aviatioun an d'Schëffer ernimmt. Datt de Roude Léiw och dekorativ méi duerstellt, fir sech op enger Sportsmanifestatioun domat ze begeeschteren, dat ass net onsympathesch. Mä...

...wéi ass et dann elo mat eise Fändele fir Nationalfeierdag? Do hunn si hiren 'natierleche' Sënn! Do feiere mir, mat eisen auslännesche Leit, d'Erënnerung, datt d'Lëtzebuenger zesumme gehéieren, datt déi Generatiounen virun äis d'Souveränitéit an d'Fräiheet vum Grand-Duché verdéngt an dacks batter verdeedegt hunn. Do denke mir un eng Identitéit, vun deer, ee Gléck! haut esou vill (a verstänneg) rieds geet. En 'anere' Fändel, deen dësen Dag niert eisem un engem Haus hänt, solle mir als en absolutt positiv Zeeche fir e friddlecht Zesummeliewe gesinn. **D'Gréisst vum Fändel ass net d'Haaptsaach:** ob deen d'Dimensioun vun engem Blat Schreipabeier, vun enger Plakat oder vun engem giedelegen Dëschduch huet, dat ass net esou wichteg wéi de Geste: weisen, datt ee méi wäit no hannerzeg oder vijenzech denkt wéi een, deem dat wurschtegal ass... soulaang et him hei gutt, besser oder nach vill méi besser gutt geet. Ze kafe kritt dir eiser Fändelen haut bal 'op all Stroosseneck'.

Loosst mer äis bei dëser Geleeënheet och nach un **eent vun de wéinegen typesch lëtzebuergesche Wierder erënneren, déi eis Sprooch a leschter Zäit gemaach huet: eist FREEDEFEIER!** Et ass dee schéinsten Ausdröck dofir vun alle Sproocherondrem. Firwat dann dat bossegt 'FEIERWIERK' draus maachen?



Baba Welbes-Tissen †

Dir kennt d'**Buch «EISES»**, dat mir vrun 2 Joer mat engem ganz grouse Succès erausginn hunn. Et war eng zimlech ongeheier Aarbecht... an d'Madame 'Baba' eng vun eise beschten Hëllef! Si hat e ganz apaarte Sënn fir eis Sprooch, mä grad esou en aussergewéinlecht pädagogesch Talent. Hir, grad ewéi an der Zäit hirem Papp mam 'Reenert-Käppchen'/1972, huet d'Actioun-Lëtzebuergesch iwwer d'Graf eraus e ganze Koup ze verdanken. Merci Baba, a fir iech, Jean a Paul, vill Courage am Leed! ■ AL

TV an eis Nationalitéit

D'Chamber an d'Regierung sinn net nëmme domat averstanen – si verlaangen esouguer – datt een eis Nationalitéit nëmme no ganz bestëmmten an esouguer zimlech strenge Conditionen/Critère soll kenne kréien. **Wéi dat Ganzt elo/herno an der Praxis ausgesäit, dat ass eng aner Gei... mä eng Gei ass jo nach keng Musek:** déi muss d'éischt emol geschriwwen, geprouft an da gemaach ginn. Et geet jo net duer, e Gesetz a Reglementer ze 'bauen'; et muss geduecht, gesot, stodéiert ginn, wéi, wou, wat wéini vu wiem... a Musek ëmgesat gëtt!

Wat eis Sprooch ugeet, do hu mir jo wierklech dat giedelegt (absolutt neutraalt) 'Instrument': **de Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise (CPLL)**, deen all néideg Kompetenz huet, deen ënnert dem Kultur- an dem Educatiounsministère schafft, deen dann ower och déi materiell Mëttele muss kréien, fir d'Partitur' ze schreiwen; ass dat net de Fall, da gëtt et eng aremséileg Cacophonie!

Et wier z. B. net watderdäiwel schwéier, sech mat de Leit vun der Televisioun (RTL; DOK; Chamber-TV) eens ze ginn – och um Internet –, fir gutt **kuerz, verstänneg a pedagogesch éierbar opgemaachten Emissiounen** am Sënn vun deem ze maachen, wat dat neit Gesetz iwwer d'Nationalitéit virschreift. Esou e 'Spot' vun e puer Minutte ka jo ëmmer erëm widerholl ginn, an et gëtt dann och méiglech, sech déi **kleng 'Lektiounen' opzehuelen...** emol net dovun ze schwätzen, datt d'Garantie fir en zerguttsterte Cours ofgeséichert wier. ■ H.M.

Ceterum censeo... (22)

Eis Sprooch an der Constitutioun

Déi puer Leit aus der Chamber, déi mengen, d'Lëtzebuergesch an der Constitutioun, dat wier/giff e 'Problem' beim Gesetz iwwer eis Nationalitéit, déi sollen doriwuer emol méi däitlech/éierlech sinn. 'So what?' gengen d'Amerikaner soen. Well dat sinn Deputéierten, déi hell ewech 7 Joer Openthalt... an intensiivt geschichtlech, sozialt a gottweesswatfir e Wëssen iwwer de Grand-Duché verlaangen, fir eis Nationalitéit ze kréien, an – haalt iech un – och zerguttst an zollitt Lëtzebuergesch-Léiere fuerderen. Also, **wou ass hire Problem?!**

Déi sollen äis dann emol explizéieren, firwat si der Sprooch vum Land fir ënnerwee an d'Verfassung Steng an de Wee tässelen. **Mir huele spëtstens am Hierscht e ganz anere Gank an deer 'ubuesker' Situatioun,** vrun allem zu Diddeleng an zu Esch. Da wäerte mir och net zécken, déi Leit (Chamber-Kandidaten!) fein, fair a frëndlech mat hirem éierbaren Numm ze nennen! Dat hu si fir d'Wahlen dach esou gär... oder net? ■ L.R.

Et ass schwéier, gell dir

D'Chinesesch ass keng schwéier Sprooch, do schwätzen d'Kanner vun 3 Joer et dach ewell. En topege Witz, mä et kann een un d'Tierme (?) kréien. Loosst mer ower léiwer net zevill drun denken, datt déi arem Kënnercher sech dann herno mat Dausende vun Zeeche mussen erëmpleen (Piktogrammen), fir hir Sprooch ze schreiwen... eis mat 26!

Mat engem klore Kapp fannt dir der dann hei zu Lëtzebuerg ganz normal Dausenden, déi sech bluttjonk schrëftlech op d'mannst an dräi Sproocher kenne verstänneg. Si fannen et och an der Rei, datt een 'néitscher' héiert, et ower 'nature' schreift, datselwecht op Franséisch, mä et do muss 'natür' liesen; dat gëllt och fir dat geschwatent 'tempritscher', wou si sech mussen dru winnen, dat als 'temperature' ze schreiwen; net ze schwätze vun 'nollitsch', dat gelungenerweis 'knowledge' geschriwwen gëtt. Deer Beispiller kenne mir jo mat den Dausende bréngen... et ass fir geckeg ze ginn!... ower, wéi et schéngt, ass nach keen dovun bausst de Kapp geroden! Well dat ass schwéier gell dir. Dat stëmmt net. Et ass just eng Fro vun Disziplin a Gewunnecht... an alle Sproochen. Och an eiser. ■ P.W.

Heemlech...

Dat ass ee vun deenen Ausdréck, déi zwar **ganz klor aus dem Däitschen** eriwuer kommen... **mä d'Lëtzebuergesch huet, wéi mat honnerten anere Beispiller, méi draus gemaach.** 'Heemlech' huet an éischer Bedeitung, wéi am Däitschen, mat eppes ze dinn, wat een net gesäit, héiert, anuecht hëllt. Vun engem, deen net riichter aus oder net grad zevill éierlech ass, soe mir och nach, hie wier 'deer Heemlecher' een... mä dat huet alt erëm zwou Bedeitungen: entweder et dréint sech ëm e falschen Hond, oder et wëllt een de Contraire soen: e léiwe Mënsch... well hien esou 'heemlech' ass... an domat wiere mir komplett aus dem Däitschen eraus! Wann een eis Sprooch e bëssen 'heemelt', da kommen deer Saache kéipweis eraus, well dat ass **en typesche lëtzebuergesche Phenomeen**, bei deem d'Wëssenschaftler vu 'Semantik' schwätzen, dem Gebitt vun der Bedeitung vun de Wierder. Mat enger Aarbecht doriwuer kënnt ee ganz sécher e 'Bachelor' oder e 'Master' op eiser Uni maachen... a beweisen, datt eis Sprooch ower net grad 'vun der Heck' gepléckt ass!

Wéi feierlech!

Mir wëssen, datt e Lëtzebuenger **vrun engem Mikro** dacks seng Sprooch verléiert. Do schwätzt hien da guer net méi, wéi wann dir en 'um Telephon hätt'. Dat ass geschwollen an et schaimt... wéi Baartseef.

Datselwecht gesi mir, **wann eppes 'an d'Zeitung kënnt'**: Do *wunnen se uschlëssend nach gemeinsam enger Mass bäi*; do gi Pensiounen *ugetrueden*, esouguer vu Leit aus Fréising; do hu si an hirem Beruf *Ofdeelungen duerchlaf*... a ginn dat och nach vrun engem *auserliesene* Publikum zumbeschten. Hackermunni! Ass dat dann näischt! Op jidfer Fall kee Lëtzebuergesch an net 'déck'!

Hei gëtt et zwou gutt Méiglechkeeten: Et schreift een dat direkt op (korrekt) Däitsch... oder et kann een et och (gratis!) op eng vun den Adressen hei uewen an d'Actioun-Lëtzebuergesch schécken. Déi kuckt ewell zënter 37 Joer gär jidderengem (ob Member oder net) esou Saachen no. ■ P.W.

Bravo... a merci!

3 jonk Leit, den Tom Goedert, de Luc Heischbourg an de Michel Weimerskirch hunn eng Internet-Säit entwéckelt, mat deer een 'online' lëtzebuergesch Texter verbessere kann. Déi Leeschtung ass ronn 500.000 Wierder a Wuertcombinatiounen 'staark'. Gitt emol an dee Programm. Et ass dowäert, och fir d'SMS-Sprooch, bei deer et jo ganz dacks happert: www.spellchecker.lu ■ M.V.

Schon dru geduecht...

...datt mir eng besonnesch Manéier hunn, fir dat däitscht 'zuschlagen, zuhauen, mach' mal' an eiser Sprooch ze soen? **Do hu mir eng Fassong, déi absolutt typesch ass.** 'Da maach(t) emol duer! Dajee, schlo(t) duer! Fäert net a fuer(t) duer!' Do laaft dir zu Frankfurt op e Stack, well dat ass esou wäit vum Däitsche wéi dat Norwegesch, Hollännescht oder Englescht... ower mir denken net drun, well ëmmer nëmme – just ouni weider ze iwwerleeën – gemengt gëtt, eis Sprooch wier dach nëmme 'schlecht Däitsch', aplaz hir eng Chance ze ginn, en eegent Liewen ze féieren. Probéiert emol, erauszefannen, wéivill Bedeitungen dat klengt Wuert **duer** am Lëtzebuergesch huet; dobäi huet et zesoen näischt mat dem däitschen 'dar' ze dinn.

Aplaz sech nëmme mat dem (respektabele) SUDOKU a soss Rätselen ze 'ameséieren', wier et vläicht net schlecht, Ausdréck ze sammelen, Sätz ze maachen, déi z. B. kee Mënsch zu Düsseldorf versteet. *Loosst iech net laang fléiwen... a fuer(t) emol duer!* ☺ Mir bréngen se och! ■ H.M.